

Lëtzebuerg, de 7. Mee 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden:

„Am Moment stelle mer en zolitte Wuesstem bei de Präisser vu verschiddene Materialien fest. Holz, Stol an aner Matière si spierbar méi deier ginn.

Virun deem Hannergrond wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen:

- 1. Sinn eis Baueren, Gäertner an assimiléiert Betriber och vun dëser Präishausse betraff?*
- 2. Wa jo, wat fir Produkter a Projete sinn do spezifesch betraff?*
- 3. Gëtt et och Liwwerenkpäss mat deenen d'Tëschenhändler vun eisem landwirtschaftleche Secteur ze kämpfen hunn?*
- 4. Wa jo, bei wat fir enge Produkter ass dat de Fall? Sinn déi Enkpäss a Präishaussen éischer temporär oder musse mer eis méttelfristeg op eng spierbar Inflatoun am Secteur astellen?*

Mat héifleche Gréiss,

André BAULER

Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu